# Wëllkomm op der 7e

Mäi Numm

Meng Klass

LCD

LCD Vademecum fir d'Schüler vun de Septièmen 2020/21

# Wien ass vu wou?

## Deng Schülerkaart ass och deng Bus - an Zuchkaart

Links:
www.mycard.lu
www.cfl.lu
www.mobiliteit.lu

Apps am App Store
a bei Google Play:
- CFL mobile
- mobiliteit.lu





# Eis Direktioun

**Marcel Kramer**
DIRECTEUR

**Raymond Streicher**
DIRECTEUR ADJOINT

**Julie-Suzanne Bausch**
DIRECTRICE ADJOINTE

**Guy Even**
DIRECTEUR ADJOINT



## Mäi Régent a mäi Corégent

## Meng Proffen

- Franséisch
- Däitsch
- Mathe
- Naturwëssenschaften
- Geschicht
- Geo
- Konscht
- Musek
- Sport
- Vieso

## Eis Klassendélégéierten

## Mäi Kontakt am SePAS

# Ëmmer do fir dir ze hëllefen

**Secrétariat NB**
Danièle Antony

**SePAS NB**
Simone Schannel
Nathalie Mander
Claudine Zwank
Chantal Schroeder

**Loge NB**
Serge Huet
Emile Stammet
Conny Cardarelli

**Secrétariat ME & BE**
Kim Zimmer
Paul Kohn
Abdullah Mahfuz

**Loge ME & BE**
Max Noesen
(Frank Rommes
Frank Kremer
Thomas Flammang
Pavić Jovica)

**SePAS ME & BE**
Michel Fey
Jill Kirsch
Catherine Ries






| **Mäi Stonneplang** | lundi | mardi | mercredi | jeudi | vendredi |
|---|---|---|---|---|---|
| 08.05 – 08.55 | | | | | |
| 09.00 – 09.50 | | | | | |
| récréation (15’) | | | | | |
| 10.05 – 10.55 | | | | | |
| 11.00 – 11.50 | | | | | |
| pause de midi / activités périscolaires / étude surveillée / bibliothèque | | | | | |
| 12.50 – 13.40 | | | | | |
| 13.45 – 14.35 | | | | | |
| 14.35 – 15.25 | | | | | |
| 15.25 – 16.15 | | | | | |

# Gutt ze wëssen

## Schülerkaart & Kantinskaart & Buskaart

An den éischten Deeg vum Schouljoer kriss du deng MyCard. Des Kaart ass perséinlech, an duerf net verléint ginn! Du muss deng MyCard ëmmer bäi dir hunn. Du kanns domat däin Iessen an dem Restaurant Scolaire bestellen a bezuelen, an d'Bibliothéik (Salle de Lecture) goen. Si gëllt och als Buskaart.
Méi op www.mycard.lu

## Code de vie

En Extrait vum Code de vie, dem Règlement interne, fënns de um www.lcd.lu.
D'Befollegen vun dëse puer Reegelen mécht d'Liewen an der Schoul méi einfach a méi schéin.



## Elterenowend

Am 1. Trimester, invitéiert däi/deng Régent/e dech an deng Elteren op e Gespréich an d'Schoul.
Hei schwätzen d'Professeren mat dengen Elteren (a mat dir), e bëssen esou wéi d'Bilansgespréich an der Grondschoul.

## Hausaufgabenhëllef

Vun Oktober un gëtt, am Prinzip, Méindes, Dënschdes, Mëttwochs an Donneschdes, vun 14h35 bis 16h15 eng Hausaufgabenhëllef offréiert. Hei kanns de a Rou deng Hausaufgab schreiwen oder fir eng Prüfung léieren.

## IAM

D'Donnéeë vum IAM-Account hues du heemgeschéckt kritt. Du hues se benotzt fir deng Bicher ze kafen, mee du brauchs d'Donnéen vum IAM-Account och, fir am LCD um Computer ze schaffen. Gehei dofir des Informatiounen nët ewech!

## Carnet de liaison

Um Ufank vum Joer verdeelen d'Régent(en) hire Schüler de Carnet de liaison. Du solls de Carnet de liaison ëmmer bäi dir hunn. Doranner fënns de allgemeng Informatiounen fir dech an deng Elteren, iwwert deng Schoul an awer och konkret Informatiounen, waat's du solls maachen, wanns de z.B. an der Schoul feels. Doniewent fënns de do Informatiounen iwwert d'Disziplin, d'Prüfungen, d'Promotioun (wéi vill Punkte brauch ech fir op wéi enger Klass weiderzekommen?), d'Remediatioun (wat maachen ech, wann et an engem Fach net esou gutt gaangen ass?), etc., nëtzlech Adressen, a villes méi.

## Wat kann ech am LCD niewent /no der Schoul maachen ?

Chorale, Orchester, Theater, Schoulreesen, Schach, Solidaritéit, europäesch Projeten, an villes méi!
D'Sportsektioun leeft ufanks Oktober un. Wanns de interesséiert bass, fro däi Sportsprofesser fir Informatiounen.
Den LCD huet och e flotten „Projet d'Etablissement": More than Words. Géi op den www.lcd.lu kucken a fro beim Régent oder um Sekretariat no, wanns du dech fir eng Aktivitéit intresséiers.

## Complément au bulletin

Niewent denger Zensur erkläert dëst Dokument ob s de aktiv an de Stonnen matschaffs, ob s de oppass an konzentréiert bass, ob s de d'Saachen déi's de brauchs, matbréngs an ob s de deng Hausaufgaben méchs. Et gëtt och gekuckt, ob s de d'Reegelen vun der Schoulgemeinschaft respektéiers ob s de héiflech bass an gutt Manéieren hues, ob s de d'Schoulmaterial respektéiers an ob s de pénktlech bass.

## Smartphone

Während der Schoulzäit duerfs du däin Handy just benotzen wann den Enseignant daat ausdrécklech erlaabt. Wann s du beim Simsen, Telefonéiren, Spillen, Surfen oder Filmen an der Schoul erwëscht gëss, kann däin Handy fir eng Zait ofgeholl ginn. Wann däin Handy dir géif geklaut ginn, ass d'Schoul och nët duerfir responsabel.

## Paus a Mëttesstonn

Vun 9h50 bis 10h05 ass Paus. Da muss du eraus an den Haff goen; du dierfs awer de Schoulterrain net verloossen. Vun 11h50 bis 12h50 ass Mëttesstonn. Do bass de fräi. Du kanns am Hall bleiwen, mee net an de Gäng oder an de Säll. Am Hall ass Surveillance. Wanns de eraus aus der Schoul gees, bass de net méi ënnert der Responsabilitéit vun der Schoul.

## Wat soll ech maachen , wann et mer schlecht ass an ech muss heem goen?

Wann s de am Laf vum Dag krank gëss, da muss de op d'Sekretariat goen an dech ofmellen. Deng Elteren ginn dann ugeruff, a mussen dech an d'Schoul siche kommen.

## Appui

Däin Däitsch-, Franséisch- an Mathésprofesser hält denger Klass regelméisseg ee Cours d'Appui (Nohëllef). Daat geet Ufanks Oktober lass.

## Case

Du kanns eng Case fir deng Saache kréien. De Schlëssel duerfir kriss de vum Concierge géint eng Kautioun vun 30 €.

# Fit fir den iPad

## D'Reegelen vun den iPad-Klassen

*Ich muss mein iPad respektieren und aufpassen, dass ihm nichts zustößt.*

*Ich darf mein iPad in seinen Einstellungen nicht manipulieren, sodass es seinen vorgesehenen Zweck nicht mehr erfüllt.*

*Ich kümmere mich nur um mein eigenes iPad und rühre das iPad meines Mitschülers nur nach Aufforderung des Lehrpersonals an. Dies gilt auch für die Tastatur, Pencil und Schutzhülle.*

*Ich muss mein iPad jeden Morgen zu mindestens 90% aufgeladen haben, damit ich es im Unterricht einsetzen kann. Gleiches gilt für Pencil und Tastatur.*

*Während des Unterrichts nutze ich nur Apps, die ausdrücklich vom Lehrpersonal erlaubt wurden. Ich unterlasse jeglichen Versuch, der Überwachung durch die Classroom App zu entgehen.*

*Ich darf die Kamera des iPads nur nach Aufforderung des Lehrpersonals einsetzen.*

*Jedem Schüler, der gegen eine oder mehrere Regeln dieser Charta verstößt, droht die Strafversetzung in die STOP! LIGA.*

## Du hues e Probleem?

... mam Luede vun enger App?
... däin iPad oder en Accessoire geet net?
... de Beamer, d'Apple TV an dengem Klassesall geet net?

Schreif e Mail op one2one@lcd.lu





www.lcd.lu




Du findest uns auf +

Wéi war mäin éischten Dag?



## Eng lescht Säit fir alles wat nach wichteg ass :

# Lycée classique de Diekirch


## Ancien Bâtiment
32, avenue de la Gare
L- 9233 Diekirch
Tél. 26 807 210
secretariat.ab@lcd.lu

## Nouveau Bâtiment
rue Joseph Merten
L- 9257 Diekirch
Tél. 80 80 11 210
secretariat.nb@lcd.lu

## Bâtiment de Mersch
square Princesse Marie-Astrid
L- 7523 Mersch
Tél. 32 02 22 210
secretariat.me@lcd.lu

## Bâtiment de Beringen
46, rue de la Gare
L-7590 Mersch
Tel: 20 60 09 96 10
secretariat.me@lcd.lu


Lycée classique de Diekirch

© LCD 2020

Illustrations : Jason Goldschmit 3E / Option Graphisme Jacky Reis
Lay Out : Claude Moyen